FÉDUSE Enseignement CGFP

Fédération des Universitaires
au Service de l'État
**Enseignement**
CGFP-Administration
488, route de Longwy
L-1940 Luxembourg

# Präzisiounen zur neier Mutatiouns- an Affektatiounsprozedur, zum Zäitspuerkont, zur Deelzäitaarbecht an zu den Iwwerstonnen

*Léif Memberen,*
*Léif Kolleeginnen a Kolleegen,*

Op dësem Wee wëlle mir iech e puer Präzisiounen a Bemierkungen zur **neier Mutatiouns- an Affektatiounsprozedur**, zum **Zäitspuerkont (CET)**, zur **Deelzäitaarbecht** an zu den **Iwwerstonne** matdeelen.

## 1. Präzisiounen zur neier Mutatiouns- an Affektatiounsprozedur

An eisem Communiqué vum 16. Abrëll 2024 hate mir iech matgedeelt, dass mir am Dialog mam Educatiounsministère eng déifgräifend Reform vun der Mutatiouns- an Affektatiounsprozedur ausgeschafft hunn. Haaptneierung bei dëser Reform ass, dass och d'Employéen an Zukunft no hirer Période d'initiation net méi d'office an deem Lycée bleiwen, an deem si ugangs hire CDI ënnerschriwwen hunn, mee genee ewéi och d'Kolleeginnen a Kolleege Fonctionnairen op déi oppe Posten uechtert d'Land affektéiert ginn. **Beim Besetze vun de Poste kréien d'Fonctionnaire Prioritéit par rapport zu den Employéen, wat zur Attraktivitéit vum Recrutement iwwert den Examen-concours an zum Statut vum Fonctionnaire allgemeng bäidréit**.

Eigentlech war ofgemaach, dass déi nei Reegelen ab dem Schouljoer 2024/25 integral a Kraaft trieden. Déi Verantwortlech um MENJE hunn eis awer viru Kuerzem matgedeelt, dass et hirer Usiicht no fir dat kommend Schouljoer nach juristesch Bedenke ginn, well déi Employéen, déi fir d'Schouljoer 2023/24 agestallt goufen a fir d'Rentrée 2025/26 laut deenen neie Reegelen hätte sollen uechtert d'Land affektéiert ginn, net kloer an hirem Aarbechtskontrakt stoen hätten, dass no der Période d'initiation eng nei Affektatioun ka stattfannen. Fir dësem Problem an Zukunft entgéintzewierken, géifen déi nei Aarbechtskontrakter, déi ab Juli 2024 ausgestallt ginn, een entspriechende Vermierk enthalen.

Déi nei Reegelen zur Mutatiouns- an Affektatiounsprozedur kéinten deemno also eréischt ab dem Schouljoer 2025/26 vollëmfänglech fir jiddereen a Kraaft trieden. Bei der kommender Mutatiouns- an Affektatiounsprozedur, am Fréijoer 2025, kéinten déi nei Reegelen awer schonn deelweis applizéiert ginn, ënnert anerem fir déi Employéen, déi ab Juli 2024 agestallt ginn an eng Réduction de stage vun engem Joer hunn.

**Fir d'FÉDUSE-CGFP sinn dës juristesch Bedenken allerdéngs schwéier novollzéibar, well eiser Lecture no och déi aktuell gëlteg Employé-Kontrakter duerchaus schonn eng Reaffektatioun no der Période d'initiation géifen zouloossen, an deemno déi nei Reegelen zu de Mutatiounen an Affektatiounen och scho fir dat kommend Schouljoer integral kéinten applizéiert ginn!**

Falls déi Verantwortlech awer entscheeden, déi nei Reegelen eréischt ab dem Schouljoer 2025/26 integral z'applizéieren, **da besti mir drop, dass wärend dem Iwwergangsjoer 2024/25 d'Fonctionnaires-stagiaires, déi hir éischt Affektatioun fir d'Rentrée 2025/26 wäerte kréien, op kee Fall benodeelegt ginn!**

## 2. Zäitspuerkont (CET)

Ëmmer erëm kënnt eis zu Oueren, dass Demandë fir e Congé CET vun Direktioune refuséiert ginn, mam Argument, dass dee betraffenen Enseignant wärend sengem Congé net géif ersat ginn an et deemno zu enger Verschäerfung vun der Penurie an ergo onvermeidlechen Iwwerstonnen a sengem Departement komme géif.

**D'FÉDUSE/CGFP fuerdert, dass Enseignanten am Congé CET zukünfteg duerch d'Astelle vun Enseignantë mat CDD ersat ginn, genee esou ewéi et beispillsweis am Fall vu Schwangerschafte gehandhaabt gëtt. All Demande vun engem Enseignant fir e Congé CET soll prinzipiell accordéiert ginn, schliisslech handelt et sech heibäi ëm ugespuerten Iwwerstonnen, déi – deelweis onfräiwëlleg – am Virfeld geleescht goufen, fir de Schoulbetrib um Lafen ze halen!**

Des Weidere fuerdere mir, dass d'Demande fir e Congé CET solle formaliséiert ginn, andeems festgehale gëtt, ënnert wéi enger Form an innerhalb vu wéi engem Zäitraum eng Direktioun op eng Demande fir e Congé CET äntwere muss. Am Fall vun engem Refus soll d'Direktioun dëse schréftlech genee begrënne mussen, woubäi déi üblech Excuse *„pour besoins de services"* net pauschal gëllen däerf. **Eng speziell agesate Kommissioun, an där nieft héije Beamte vum MENJE och d'FÉDUSE-CGFP soll vertruede sinn, soll all Fall vu refuséiertem Congé CET kënnen iwwerpréiwen**. Zwar gouf eis esou eng Kommissioun schonn ëfters versprach, allerdéngs ass se bis ewell nach ni zesummekomm. **Mir fuerderen, dass dëse Gremium fir dat kommend Schouljoer endlech an d'Liewe geruff gëtt!**

## 3. Deelzäitaarbecht (Service à temps partiel)

Ewéi dir an eisem Communiqué vum 16. Juli 2023 noliese kënnt, gouf d'Schoulflicht zu Lëtzebuerg kierzlech per Gesetz vu 16 op 18 Joer ugehuewen, och wann dat Gesetz no enger Transitiounsphas eréischt fir d'Rentrée 2026 tatsächlech a Kraaft triede wäert.

**An deem Kontext fuerdert d'FÉDUSE-CGFP, dass de « *Service à temps partiel pour l'éducation des enfants jusqu'à l'âge de seize ans* »**, deen am Artikel 31 vun der *Loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'Etat* gereegelt ass, logescherweis **ëm 2 Joer verlängert gëtt, also bis d'Kand 18 Joer al ass.**

An därselwechter Logik soll och de **« *Congé sans traitementpour élever un ou plusieurs enfants à charge de moins de seize ans* »** (Art. 30 vum Statut général) **ëm 2 Joer verlängert ginn**.

## 4. Stonneplang bei Congé parental a Congé CET

De Statut général gesäit d'Méiglechkeet vir, dass jidder Agent an der Fonction publique säi Congé parental och deelzäit (z.B. wärend engem Schouljoer 50% Tâche & 50% Congé parental) oder fractionnéiert (z.B. wärend 20 Méint 80% Tâche & 20 % Congé parental) notze kann. Dës allgemeng Reegelung gëllt selbstverständlech och fir d'Enseignanten.

Wärend dëser Zäit huelen d'Enseignantë bewosst Abousse bei hirem Revenu a Kaf fir méi Zäit mat hirem Kand kënnen ze verbréngen. Wärend et fir vill Direktioune selbstverständlech ass, d'Stonnepläng vun Enseignanten am partielle Congé parental esou ze gestalten, dass si net all Dag an d'Schoul komme mussen, esou ass dat leider net ëmmer de Fall. **Wann een Enseignant trotz Congé parental all Dag an den Déngscht geruff gëtt, da gëtt säi Congé parental ad absurdum gefouert!**

**D'FÉDUSE-CGFP fuerdert, dass an de Stonnepläng vun de betraffenen Enseignanten op hirspeziell Liewensphase Rücksicht geholl gëtt, andeems net all Dag Präsenzstonnen am Lycée vun hinne verlaangt ginn!**

**Eng änlech Logik soll och bei Enseignantë gëllen, déi hire wuelverdéngte Congé épargne-temps notzen, nodeems si jorelaang Iwwerstonnen op hirem Zäitspuerkont ugespuert hunn.**

Fir sécher ze stellen, dass dëst landeswäit eenheetlech applizéiert gëtt, soll den Educatiounsministère dëst als **kloer a verbindlech Consigne un all d'Direktiounen** erausginn.

## 5. Bezuelung vun den Iwwerstonnen

Nach ëmmer ginn – haaptsächlech opgrond vu chroneschem Personalmanktem – eleng am Enseignement secondaire pro Woch ongeféier 10.000 Iwwerstonne geleescht. Dës dacks onfräiwëlleg geleeschten Zousazaarbecht gëtt och haut nach däitlech méi schlecht bezuelt ewéi déi regulär Aarbechtszäit. Donieft ginn d'Iwwerstonnen och nach voll besteiert. **Wien méi schafft, am Interessi vun der Allgemengheet, gëtt also finanziell weiderhi bestrooft amplaz belount!**

**D'FÉDUSE-CGFP widderhëlt dofir nach eng Kéier ausdrécklech d'Fuerderung, dass d'Iwwerstonnen op mannst d'nämmlecht solle bezuelt ginn ewéi Stonnen, déi zur regulärer Tâche gehéieren!**

**Dofir muss de Facteur 36/52 an der Formel zur Berechnung vun der Indemnitéit fir d'Iwwerstonnen endlech gestrach an d'Besteierung vun den Iwwerstonnen ofgeschaaft ginn!**

Mat beschte Gréiss,

De Comité vun der FÉDUSE-CGFP
*Lëtzebuerg, den 30. Juni 2024*